



**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op
d'parlamentaresch Fro n°5519 vum 19. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten André Bauler
betreffend der Traversée duerch de Préizerdaul**

Déi lescht gréisser Aarbechten an der Uertsduerchfaart vum Préizerdaul (N12) goufen an 3 Lousen duerchgefouert. D'Lousen 1 an 2 konnten 2011 respektiv 2013 ausgefouert ginn. D'Aarbechte vum Lous 3 goufe wéinst groussen Investitiounskäschten um Leitungsnetz, zesumme mat der Gemeng op 2026 reportéiert. Dobäi ass ze erwänen, dass all d'Aarbechte vun der Neigestaltung vun der Uertsduerchfaart viséiere fir d'Vitess vum Duerchgangsverkéier ze reduzéieren a sou d'Sécherheet op de betraffene Streckenofschnëtter ze erhéijen.

Betreffend dem vum honorabelen Deputéierten erwäanten Streckenofschnëtt am Ausgang vu Platen, ass envisagéiert Erneierungsarbechten um Stroossenopbau duerchzeféieren, fir an Zukunft esou Asackungen ze vermeiden. De Projet fir dës Aarbechten ze exekutéiere gëtt am Moment vun der Stroossebauverwaltung ausgeschafft.

Well awer d'Méiglechkeete fir den ëffentleche Verkéier wärend den Aarbechten um concernéierte Streckenofschnëtt ëmzeleede begrenzt sinn a well zudeem d'Gemeng an enger Säitestrooss (d'rue Fontaine, déi als Ëmleedunge genotzt kéint ginn) deemnächst een eegene Projet ëmsetzt, kennen d'Erneierungsarbechten um Stroossenopbau réischt Ufanks 2023 ausgefouert ginn.

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch